mir ma'n de Leit vill Spaass.  
D'Klarinett ass ëmmer prett,  
d'Leit laache sech eng Boss,  
mee t'ass och net ëmsoss.*

2. Ass Kiermes mol dorëmmer,  
da si mir fein eraus.  
Mir man et wéi déi Lënster,  
a gi vun Haus zu Haus.  
Mir sangen an mir päifen,



a fänken kräfteg un,  
da kommen aus alle Fēnst'ren,  
d'Kachdēppen nogeflunn.

*Refrain*

3. Mir hate wuel am Liewen,  
scho munnech schwierereg Fäll.  
A sollte mir mol stierwen  
da fléie mir jupps an d'Hell.  
Mir fänken un ze blosen,  
dat hält keen Däiwel aus.  
Mir blosen wéi Klorosen,  
bis dass s'ons loossen eraus.

*Refrain*

4. Da komme mir an den Himmel,  
wou d'Engelcher do sinn.  
Mir zéien un der Bimmel,  
a man eng glécklech Minn.  
Wa mir e Liddchen sangen,  
dat d'Mau'ren zidderen deet,  
dann d'Engelcher déi sprangen,

vun Gléck a lauter Freed.

*Refrain*

5. Da kennt den hellege Péitrus:  
„Ech mengt wann dir iech dréckt!  
Dir maacht mir jo meng Engelen,  
meng Engele ganz verréckt.  
Do si mir ofgegaangen,  
do si mir ofgefall,  
an ouni Zécken a Baangen  
no Diddeleng an den Dall

*Refrain*

## E2. D'Lidd vum Théiwesbuer

Text: Fritz Weimerskirch

Melodie: Binsfeld

1. D'Madammen aus der Sichegaass,  
déi stonge virun der Dir.

Haut gouf et eescht, verbäi de Spass,  
si rieden hin an hier.

D'Regierung hat en Här geschéckt  
ze kafen Haus fir Haus,  
an dat war deem wéi 't schéngt gegléckt,  
si mussen all eraus.

*Kanner, o Kanner, o quel malheur,  
mir mussen aus der rue des Fleurs.*

*Wéi ass dat mënscheméiglech nur,  
mir musse fort vum Théiwesbuer.*

*Kanner, o Kanner, o quel malheur,  
mir mussen aus der rue des Fleurs.*

*Wéi ass dat mënscheméiglech nur,  
mir musse fort vum Théiwesbuer.*

2. D'Gréit jäizt: Mir halen net méi stall,  
mat Dreeë geet et duer.  
Weist deen sech nach am Pafendall,  
da flitt en an de Buer.  
Ah non! Seet d'Siss, mir plënneren,  
an d'Lougaass trotz dem Knascht.  
Sollt do en Hond eis hënneren,  
hu mir och gudde Kascht.

*Refrain*

3. Mä d'Stole Broscht seet: Hieft Verstand,  
mir street kee Sand an d'Aen.  
Och d'Lougaass hält net laang méi stand.  
Wësst dir da wat mir man:  
Op d'Käerche baue mir en Daach,  
eng Roulotte huet säi Charme.  
Déi setze mir e schéinen Dag,  
flang mëtten op d'Plëssdaarm.

*Refrain*

## E3. D'Meedche vu Gëtzen

Text: Edmond de la Fontaine (Dicks)

Melodie: Edmond de la Fontaine (Dicks)

1. Et wor e Meedche vu Gëtzen, oho!  
Mat Aen ewéi feiereg Blëtzen, oho!  
'T wollt alle Männer gefalen,  
fir mat senge Freier ze bralen, oho! oho!

2. 'T huet nëmme gedantz a gesprongen, oho!  
Gekickelt, gerolzt a gesongen, oho!  
Et duecht mat Spaassen a Laachen,  
säi Gléck emol sécher ze maachen, oho! oho!

3. Mee wéi et housch vum bestueden, oho!  
Wollt keen sech dat Meedchen oplueden, oho!  
'T ass zweeërlee Männer a Freier,  
haut sëtzt et um Affener Weier, oho! oho!

4. Dier Meedercher loosst iech beléi'ren, oho!  
A kommt hier e gudde Rot héieren, oho!  
Maacht nèt ewéi d'Meedche vu Gëtzen,  
soss bleift der nach alleguer sëtzen, oho! oho!

## E4. De Charel

Text: Fritz Weimerskirch

1. Ech koum op d'Welt zu véier Méint,  
meng Mamm wor net doheem,  
mäi Papp wor voll an huet getéint,  
wat maache mir mat deem.  
Mä ech sot gläich: sief net besuergt,  
ir mech gött scho gesuergt.  
Deen hei dee kënnt op d'Eisebunn.  
Charel, Charel, jäizt du mäi Papp, wat  
geet dech un,  
Charel do bleif mer dervun.

*Charel, Charel donk uecht wat's de méchs  
Well du schaffs jo net gär  
Charel, Charel op der Bunn göss du sécher  
keen Här.*

2. Mäi Papp hat Recht, well spéiderhin,  
du wor mer d'Saach scho leed.  
Well op der Bunn konnt ech gesinn,  
dat do keen méisseg geet.

Do heescht et ëmmer hopp hopp hopp,  
mam Teimer an der Schepp.  
An hun ech eppes an der Rei.  
Charel, Charel, jäizt dann de Meeschter, heielei,  
Charel maach mir nach dat hei.

*Refrain*

3. Ech wollt scho menger Wee nees go'n,  
mä d'Fra wollt dat net hunn.  
Hir wor et an de Kapp geschlo'n,  
Si hält op d'Eisebunn.  
Déi sécher Plaz, dee schéine Loun,  
Herno déi flott Pensioun.  
Eng Uniform nach uwendrop.  
Charel, Charel, jäizt si, schlo dir dat  
aus der Kopp,  
Charel du bleifs mer drop.

*Charel, Charel donk uecht wat's de méchs  
Well du schaffs jo sou gär  
Charel, Charel op der Bunn gëss du villäicht  
nach een Här.*

## E5. De Feierwon

Text: Michel Lentz

Melodie: Michel Lentz

Joer: 1859

1. De Feierwon, deen ass bereet,  
E päift duerch d'Loft a fort et geet.  
Am Dauschen iwwer d'Strooss N'un Eisen.  
An hie geet stolz den Noper weisen.  
Datt mir nun och de Wee hu fonnt.  
Zum éiweg groussen Vëlkerbond.

*Kommt hier aus Frankräich, België, Preisen.*

*Mir wëllen iech eis Heemecht weisen:*

*|: Frot dir no allen Säiten hin*

*Wéi mir esou zefridden sinn :|*

2. Mir halen fest un eiser Scholl.  
Vu Léift fir d'Land sinn d'Häerzer voll:  
Wa mir och keng Milliounen zielen.  
Dir gët äis uechter d'Welt ze wielen.  
Mir ruffen all aus engem Monn:  
Kee bessert Land beschéngt jo d'Sonn!



*Refrain*

3. D'Natur déi laacht äis iwwerall.  
Si rëscht de Biereg an den Dall:  
Matt Fielse wéi gewalteq Risen.  
Street Blummen iwwert Gaart a Wisen:  
Kee Këppchen Äerd, wou Halm a Räis  
Net riede vun deem eise Fläiss.

*Refrain*

4. An d'Vollek a mengem Heemechtsland  
Huet géint all Mënsch d'Häerz op der Hand;  
Seng Fräiheet deet em d'Aë blénken.  
An D'Trei déi deet seng Wieder klénken:  
Seng Sprooch matt hire friemen Téin.  
D'Gemittlechkeet, déi mëscht se schéin.

*Refrain*

5. Mir hu keng schwéier Laascht ze dron  
Fir eise Staatswoon dunn ze goen:  
Keng Steiere kommen eis erdrécken.  
Keen Zwang de fräie Geescht erstécken:

Mir maachen spuersam eise Stot.  
Kee Bierger a kee Bauer klot.

*Refrain*

6. An huet dir dann de Wäert erkannt  
Vum klenge Lëtzebuenger Land.  
An dir musst fort rëm vun eis goen.  
Da kënt dir an der Heemecht soen:  
't ass d'Gréisst net grad. déi d'Gléck bedeit.  
Well an deem Land si glécklech Leit !

Kommt hier aus Frankräich, België, Preisen,  
Mir kënnen iech eis Heemecht weisen:  
Frot dir no allen Säiten hin:  
Mir wëllen bleiwen wat mir sinn!  
Frot dir no allen Säiten hin:  
Mir wëllen jo keng Preise sinn!

*Alternativ:*

De Feierkroop, dee läit bereet,  
wann den éischte Preis iwwert d'Musel geet...

## E6. De gekachte Kéis

Text: Pir Kremer

1. De Yankee ësst mat Genoss Filet Tatare ,  
De Russki schwiert op de schwaarze Kaviar,  
Beim belsche Noper do ass et Pommes de  
terre frites,  
Déi dir fir fënnef Frang op allen Ecken kritt,  
Zu Marseille schluppt een d'Bouillabaise,  
Den Homard mat der Mayonnaise,  
Zu Tréier gëtt et "im Gelee",  
Schweinerippchen fir déi preisesch Mee,  
Ma d'lëtzebuenger Stéit, hunn eng Spezialitéit,  
Et ass kee Fleesch, 't ass kee Geméis,  
et ass de Kéis.

*Ei ei ei ei, mir hu gekachte Kéis,  
't ass ee Genoss, dat schmantegt gielt Gefréiss,  
Kéis op enger laanger laanger Kuuscht,  
An en Humpen fir den Duuscht,  
Mat Botter drënner, drop e Moschterflapp,  
Ei ei ei ei, wéi schmaacht et dann dem Papp,*

*Mä gitt uecht. de Kéis ass nëmmen echt:  
Wann e pecht, wann e pecht, wann e pecht.*

2. Fir sou e gudden gekachte Kéis ze kachen,  
Do gitt beileiwen net an eng Molkerei,  
Eng Baurefra mat en etlech décke Brachen ,  
Bréngt iech déi Saach vill méi schneekeg  
an eng Rei,  
Geféngt, gepresst a gutt getriwwelt,  
Gerappt, gefault. am Bett zermautscht,  
Et ass kee Mënsch deen dat veriwwelt  
Duerno getriwwelt an zerknautscht.  
Jo, d'lëtzebuerger Stéit hunn eng Spezialitéit,  
Et ass kee Fleesch, 't ass kee Geméis,  
et ass de Kéis.

*Refrain*

## E7. De Jangli

Weis: On the Atchison, Topeka and the Santa Fe

Text: Fernand Wark, Jeff Bäsch

1. De Jangli fiert den Houwald erop ,  
Oh wier e gutt do uewen op der Hesperkopp ,  
D'Maschinn wackelt iwwer d'Schinnen dohin ,  
Vun lauter Damp kënnt dir net méi ganz  
vill gesinn ,

*Ah...Ah*

2. De Scheierbiereg erof, do geet et méi schnell ,  
Do héiert een d'Gebimmels nëmmen vun  
der Schell ,  
Zu Réimech op der Gare hält en een Abléck ,  
Da gött en ëmgedrëint a flott geet et nees zréck,

*Hei kënnt hien, Hei kënnt hien,*

*Hei kënnt hien,*

*Uh Uh. Piep Piep*

*Uh Uh.*

3. SÄi Frënd de Charly ass e Geck ,  
E fiert duerch d'Avenue erof bis op d'nei Bréck,  
Laanscht d'Charly's Gare an den Rollengergronn  
,  
Dofir brauch hien ongeféier annerhallelf Stonn ,

*Ah...Ah*

4. Zu lechternach do kënnt hien un ,  
D'Sprangprëssesioun déi wor emol een Mount  
virdrun ,  
Mä d'Voyageuren déi sinn apaart ,  
Da gëtt eben op déi vum nächste Joer gewaart

*Hei kënnt hien, Hei kënnt hien,*

*Hei kënnt hien,*

*Uh Uh. Piep Piep*

*Uh Uh.*

5. Dofir halen mir op d'Eisebunn ,  
Wouhin dir och wëllt fueren. dir kommt ëmmer  
un ,  
Och mat Verspéidung mä d'ass egal ,  
Duercherneen gerëselt ower dir kritt

d'Féiss net kal.

Duercherneen gerëselt ower dir kritt

d'Féiss net kal.

Duercherneen gerëselt ower dir kritt

d'Féiss net kal.

## E8. De Metti leeft dem Ketti...

De Metti leeft dem Ketti mat der Wicksbiischt no,

Wat mëscht hien do? E kënt net no,

De Metti leeft dem Ketti mat der Wicksbiischt no,

E kënt net no, e sëtzt um Po.

## E9. De Wilhelmus

nidderlännesch Weis

1. Zweek Kinéskanner, déi trei sech léif,  
koumen ausenaner wäit an déif.

Zweek Kinéskanner, déi trei sech léif,  
hu gebaangt ob d'Gléck nach bléie géif.

Haut weise si der ganzer Welt,  
an engem Feld,

d'Goldlilje mat dem roude Kroune Léiw.

Haut steet em si voll Freed, Hand an Hand,  
d'Vollek vun dem Lëtzebuenger Land.

2. Nun ass verbäi de Stuerm, d'Nout ass aus,  
d'Mënschheet trëtt erléist an d'Liicht eraus.

Nun ass verbäi de Stuerm, d'Nout ass aus,  
Lëtzebuerg ass Här am eeg'nen Haus.

Den Himmel huet no laanger Nuecht,  
d'neit Fréijor bruecht,

a rëscht all Dir mat grénger Friddensstrauss.

Lo steet erëm sou frou, Hand an Hand,  
Grouss a Kleng am Lëtzebuenger Land.



3. Mir hunn a schwéi'rer Zäit Trei bekannt,  
't gong fir d'Fräiheet an et gong fir d'Land.  
Mir hunn a schwéi'rer Zäit Trei bekannt,  
d'Éier agesat zum Ënnerpand.  
A wann eng nei Gefor en dreet,  
mir si bereet,  
mir hale nees mat Häerz a Wëlle stand.  
Da steet 'rem staark a stolz, Hand an Hand,  
d'Vollék vun dem Lëtzebuenger Land.

4. Sou wäert et ëmmerzou eeneg sto'n,  
voll Vertraue Gléck an Ongléck dro'n.  
Sou wäert et ëmmerzou eeneg sto'n,  
frou seng Flicht géint Troun an Heemecht do'n.  
E staarke Stamm an aller Äerd,  
an duebel wäert,  
mat fräier Kroun voll Saaft a Sonn ze sto'n.  
O Härgott, schiirm a leet, Hand an Hand,  
d'Vollék vun dem Lëtzebuenger Land.

## E10. Den Hämmelsmarsch

Volléksweis

Text: Michel Lentz

1. 'T ass Kiermesdag an eng Gei jéngt  
muerges an der Gaass,  
't jäizt eng Klarinett an 't brommt eng  
schaddereg Bass,  
an Hämmel ginn derbäi mat Bänn a  
Flätschen un,  
blénkeg zënne Plätt'len an der Rei,  
sinn hannendrun, sinn hannendrun.  
An d'Kanner loossen hire Kaffi stoen,  
fir deene schéinen Hämmel nozegoen,  
wou d'Musek ass déi spillt sou lëschtég  
d'Gaassen an,  
fir bei all grouss Hären an der Stad,  
hir Ronn ze ma'n, hir Ronn ze ma'n.

2. D'Leit si gebotzt a si hunn hir schéinste  
Kleeder un,  
d'Kamäiner dämpfen, d'Kächen, déi sinn drun,

d'Pan an der Fuesent, déi ass nach net  
esou geplot,  
well et ass haut net genuch,  
mat engem Hämmelsbrot, a mat Zalot.  
An aus der Friemt sinn d'Lëtzebuerger do,  
op d'Kiermes komme si vu wäit a no,  
't ass aus der Heemecht keen, a wier en  
iwwer d'Mier,  
op de Schuebersonndeg, 't ass gewëss,  
dann denkt en hier, dann denkt en hier.

3. Hunn d'Hämmel dann d'Musikanten  
d'Neipuert ausgeleet,  
mam Fouermeeschter voll Gléckséilegkeet.  
Da sëtzen d'Leit um Dësch mat hire  
Kiermesgäscht,  
d'Tell're klénke, jiddereen, deen deet  
säi Meescht, säi Bescht. Säi Meescht, säi Bescht.  
D'Gemittlechkeet, déi schenkt en d'Glieser an,  
An d'Lëschtégkeet, déi blénkt aus allen A'n,  
De Quetschekuch, dee schmaacht ewéi dee  
beschte Bond.  
D'Fra vum Haus ass frou, well all Mënsch  
e gutt huet fonnt, e gutt huet fonnt.

## E11. Den Hexemeeschter

Text: Edmond de la Fontaine (Dicks)

Melodie: Edmond de la Fontaine (Dicks)

*Ech sinn de groussen Hexemeeschter,  
A wann ech Hokes Pokes soon,  
Sinn all Gespenster wéi all Geeschter,  
Mirënnerdon, mirënnerdon!*

**1. Kënnt eppes an de Stall geschlach,  
A muerges sinn all d'Kéi gestrach,  
Hält sech anzwousch en Trauliicht op,  
Sinn d'Wiichtelcher an enger Kichen,  
A setzen d'Kréibänk nuets op d'Kopp.**

**|: Da kommen d'Leit mech sichen|:  
A kuck elei, kuck elei, kuck elei,  
Deen an'ren Dag, deem an'ren Dag,  
ass Alles an der Rei.**

*Refrain*

2. Ass do an deem verwonsch'ne Schlass,  
Am Liichteschäin der Däiwel lass,  
Wéisst gär en Ehemann Bescheed,  
Op d'Fra, wann s'op dem Biesem reiden,  
No Kopelescht mat danze geet?

|: Wien hëlleft dann de Leiden?:  
Mais, Hei elei (Hei elei), Kukk elei (Kukk elei)  
Keen aneren, keen aneren  
Keen aneren wéi deen hei!

*Refrain*

## E12. Dikrecher Béierlidd

1. Mueres, wann d'Klack an aller Fréi laut,  
Da gött zu Dikrech de Béier gebraut,  
De Braumeeschter ass jo dann och schonn um  
Dill ,  
A wierzt onse Béier mat esou vill Gefill,

**2. A Fläsche, a Fässer gött hien agefellt,  
An d'Ländchen gefouert, duer wou et göllt.  
Hei hiewen mir d'Glas, ze läschen eis Bränn  
Fir d'éischt awer klappe mir ganz dichteg an  
d'Hänn.**

*E gudden Dikrecher dee bréngt eis all  
op d'Been,  
Egal wéini wou (wou), mir si beieneen,  
An drénken en Himpchen vun Dikrech  
mat Genoss,  
Dee schmaacht iwwerall, dobaussen an  
och soss!*

**3. Owes, am Ländchen, do ass munches lass,  
Hei bréngt hien ons esou richteg a Schmass,  
Da gött gefeiert, gegeckst a gelaacht,  
Hien hält ons d'Partie, well en Dikrecher  
schmaacht.**

**Mir drénken op d'Frëndschaft, an net  
nëmmen een,  
Mat Dikrech, je do, gi mir nach laang net heem.**

Dann hiewen mir d'Glas, ze läschen eis Bränn,  
Fir d'éischt awer klappe mir ganz dichteg an  
d'Hänn.

*Refrain*

4. A wann owes spéit mol Problemer entstinn,  
Eng kleng am Kanelli, dat soll et nach ginn.  
Da fuere mir heem natierlech mam Won,  
Mir musse jo nach déi hou're Flicke plo'n!

de Wee ass bekannt, och mat dräi Promill,  
T'sinn alt eemol just Autosspig'len zevill.  
De Flic dee jäizt hält, de Führerschäi fort.  
Mä trotzdem bleibt d'Saufen dee weltschéinste  
Sport!

*Refrain*

## E13. Drénkt e Patt op mech

Text: Cool Feet

Melodie: Cool Feet

Lo wéini gouf mer d'Zäit sou laang  
an ech si gläich an de Bistro gang (lalalalala)  
de Wiert deen huet dunn d'Glieser gespullt  
an d'Wiertsfra huet an der Kees  
gewullt (lalalalalala)  
10 Mann di souzen dohannen am Eck  
et wor dee Furri, ech maache kee  
Geck (lalalalalala)  
Komm setz dech hei bei eis un den Dësch  
sief kee Fräsch a sief kee Fësch  
ech son: hey hey drénkt all e Patt op mech

|: *Drénkt e Patt, drénkt e Patt, drénkt e Patt op  
mech*

*drénkt alleguer e Patt op mech*

*Hey hey, drénkt all e Patt op mech :|*

Mir hunn du mat der Kaart gespillt  
fir ze kucken ween déi Tournee bezillt



(lalalalalala)

Du beemol sot ech: ech sin esou midd  
a méng Zong déi huet den Dadder kritt  
hey hey, drénkt all e Patt op mech

*Refrain*

Du soot mai Frënd: bleiw nach eng Grätz  
an drénk mol aus a maach keng Bëtz  
hey hey drénkt all e patt op mech  
En zitt mer d Suen aus der Täsch  
drenks de aus dem Glas oder aus der Fläsch  
ech son: hey hey, drénkt all e Patt op mech

*Refrain*

## E14. Ech drénke gär mäi Pättchen

Text: Fernand Wark

Melodie: Greg Denis

Scho virun dausend Joer,  
wor et bei ons ganz schéin.  
Du hate mir, t'ass kloer,  
schonn Drauwen an de Wäin.  
Och Branntewäin a Béier,  
goufen am Ländche gebraut.  
Sou wor et bei ons scho fréier,  
sou maache mir et nach haut.

*Ech drénke gier mäi Pättchen,  
a mengem Stammlokal.  
Doheem an och beim Kättchen,  
mir schmaacht en iwwerall.  
Drénkt mat Genoss e Glieschen,  
a maacht iech Näischt ze dinn.  
Well onse Mislér Wéngchen,  
ass Hergottsmedezin,  
well onse Mislér Wéngchen,  
ass Hergottsmedezin.*

An hunn ech eemol Suergen,  
doheem a mengem Stot,  
beim Wiert sinn ech gebuergen,  
do ginn ech net geplot.  
Dofir loosst lech et soen,  
geet Eppes lech géint de Stréich,  
wann d'Suergen lech eemol ploen,  
da maacht et grad ewéi ech.

*Refrain*

## E15. Eise gudde Béier

1. 'T ass dach e Genoss ze liewen,  
wann ee kann säin Himpchen hiewen,  
mat de Frënn um ronnen Dësch,  
fills de dech sou fräi a frësch.  
Wann de Béier gutt gekillt,  
dir ëm Zong an Zäppche spillt.

*Ei, eise gudde Béier mécht dem Wiert all Éier,  
d'Dammen all an d'Hären, hunn en esou gären.Eng*

*déi huelen een am Steen,  
anere mécht e Spaass am Glas,  
ma wien es drénkt seet frougemutt,  
ei, eise Béier deen ass gutt.  
Ma wien es drénkt seet frougemutt  
ei, eise Béier deen ass gutt.*

**2. Do wou d'Béierquelle fléissen,  
d'Frënn dech all mat "Prost" begréissen,  
wou den Humpe schaumgekréint,  
laacht dir goldegiel entgéint.  
Wou de Wiert säin Handwierk kennt,  
do ass ni eppes wat brennt.**

*Refrain*

**3. Wéinst dem sëffeg-frësche Béier,  
mécht den Duuscht esou Pléséier,  
't glëschtert ee vu spéit bis fréi,  
well all Humpe schmaacht no méi.  
T'kann een him net widderstoen,  
an 't vergësst een heem ze goen.**

*Refrain*

## E16. Eng Moss am Bic

Text: Fausti

*Ohooo, ech hunn eng Moss am Bic,  
ee Klick a schonn ass se do-ooo.*

Si ass ëmmer, ëmmer hei,  
ëmmer, ëmmer, ëmmer do.

*Refrain*

Hues d'eng Moss an Amerika?  
Chorus: nee ech hunn eng Moss am Bic.

Hues d'eng Moss an Afrika?  
Chorus: Ha, ha, ha.

Hues d'eng Moss am Pyjama?  
Chorus: nee ech hunn eng Moss am Bic.

Hues d'eng Moss am Alima?  
Chorus: Ha, ha, ha.

Hues d'eng Moss am Breedewee?

Chorus: nee ech hunn eng Moss am Bic.

Hues d'eng Moss um Canapé?

Chorus: nee ech hunn eng Moss am Bic.

Hues d'eng Moss am Séparé?

Chorus: nee ech hunn eng Moss am Bic.

Hues d'eng Moss fir hirer zwee?

Chorus: nee, nee, nee.

*Refrain*

Si ass ëmmer, ëmmer hei,  
ëmmer, ëmmer, ëmmer do.

*Refrain*

## E17. Et ass Kiirmes am Duerf

T'ass Kiirmes am Duerf, an de Spillmann as do,  
déi Jonk déi danzen, déi Aal kucken no.

De Bert danzt mam Bärbel an d'Frasel  
mam Franz,  
Masurka a Polka a Konterdanz.

T'ass Kiirmes am Duerf, an de Spillmann as do,  
déi Jonk déi danzen, déi Aal kucken no.

Knapps datt se eng Walz, hannerun sëch hunn,  
da fänken se schons mat dem Minnewee un.

T'ass Kiirmes am Duerf, an de Spillmann as do,  
déi Jonk déi danzen, déi Aal kucken no.

D'Mareikätt dat gloust a pëspert mam Klees  
de Jenni gët heemlëch dem Janni eng Bees.

T'ass Kiirmes am Duerf, an de Spillmann as do,  
déi Jonk déi danzen, déi Aal kucken no.

Den Tun seet zum Tréischen, ëch hun dëch  
sou gäer,  
an d'Tréischen zum Tun: mir gi muer bei  
den Här.

## E18. Fei Leit ginn zu Fouss

Text: P. Faber

1. Fei Leit ginn zu Fouss,  
de Pak dee fiert mam Aut'mobil.  
Wie keng Fotell huet,  
dee setzt sech grad sou gär op d'Still.  
Wie kee Piano huet  
dee päift um Mondstéck mat Gefill,  
jo dat kascht och net sou vill.

*Glori, glori alleluja, glori, glori alleluja,  
glori, glori alleluja, jo dat kascht och nët  
sou vill.*



2. Schëtt de Kaffi duerch eng Strëmp,  
mä huel nëmmen ni eng frësch.  
Lee déng Schmier op d'Bänk,  
a stell déng Schong schéin op den Dësch.  
Hues d'emol keen Esseg,  
da schëtt Framboise op d'Zalot,  
jo, sou huet den Chef gesot.

*Glori, glori alleluja, glori, glori alleluja,  
glori, glori alleluja, jo sou huet den  
Chef gesot.*

3. D'Lëtzebuenger Jongen hunn,  
hir Schong gutt ageschmiert.  
An all Plaz vum Zelt,  
gëtt mat der Zännbiischt ausgekiert.  
An dat bescht Geméis,  
dat ass e Bifdeck vun zwee Pond,  
jo, dat hält de Kapp gesond.

*Glori, glori alleluja, glori, glori alleluja,  
glori, glori alleluja, jo dat hält de  
Kapp gesond.*

## E19. Kättche, Kättche

Text: W. Goergen

Melodie: J. Eiffes

1. Et wuessen an de frieme Länner,  
vill schwéier Wäiner roud a wäiss.  
Si si gesicht vu ville Kenner,  
vum Rhäin bis déi säit vu Paräis,  
ech hale mech un d'Mislerlblimmchen,  
dat ass de Wéngche fir onst Land,  
e geet dem Jonktem wéi dem Éimchen,  
wann si en drénke mat Verstand.

*Kättche, Kättche bréng mer nach e Pättche,  
vun der Musel a soss keen.*

*Ei, wéi schmaacht mer dee Kadettchen,  
t'ass en Dronk fir Broscht a Been.*

*Kättche, Kättche bréng mer nach e Pättche,  
vun der Musel a soss keen,*

*ei wéi schmaacht mer dee Kadettchen,  
t'ass en Dronk fir Broscht a Been.*

2. Wou kënnt Dir nach e Wéngche fannen,  
esou gemittlech a sou fräsch,  
t'gëtt een sou liicht dervun heibannen,  
dir gitt gesond ewéi e Fësch.  
Vill Wäiner maachen d'Leit wéi rosen,  
d'Gesichter glouse wéi eng Schmelz.  
Mä dat muss een dem Misler loossen,  
hie suert datt s du de Kapp behäls.

*Refrain*

3. Ob dir bedreift sidd oder lëschtteg,  
en deet seng Fliicht zu jidder Stonn.  
En ass vun heem aus fromm a chrëschtlech,  
e krut de Seege vun der Sonn.  
Bleift him ewech mat Zockerwaaser,  
e brauch net méi gedeeft ze ginn,  
e séngt mam Lentz fir net ze spaassen:  
„Mir wëlle bleiwe wat mir sinn!“

*Refrain*

## E20. Klengen Himpchen

1. Dobaussen op de Felder steet de Weess,  
a Reen a Sonn a Wand ginn him eng Bees,  
aus enger Quell spruddelt d'Waasser  
fräsch a kloer,  
sou braut d'Natur schonn honnerttausend Joer.  
Mat Léift, Gedold an aller Éier,  
dat gött fir dech a mech dee beschte Béier.

*Oh, du mäi léiwe klengen Himpchen,  
fräsch wéi déi schéinste Blimmchen.  
Deng Pärele fonkelen t'ass eng eenzeg Freed.  
Eng Kroun, schnéiwäiss,  
aus purem Happ a Malz,  
klengen Himpchen komm lo bei mech  
a mäin Hals.*

2. Ee lëschtege Gesell a sprëtzege kill,  
genéisst vun him mat Freed, ma ni ze vill.  
Eng gëlle Séil waart mam Häerz  
verdreemt a frou,  
oh, du mäin Himpchen, ech drénken  
dir lo zou.

Kommt feiert mat, et mécht Pleséier,  
fir mech an och fir dech mam gudde Béier.

*Refrain*

## E21. Lëtzebuenger Spezialitéiten

Text: P. Kremer

Melodie: J.-P. Kemmer

1. Donnerknippchen ech kommen lo,  
vun enger prachtvoller Friess,  
eng ganzeg Rëtsch vu Saachen,  
sou an engem Siess,  
ech hu gejickt, ech hu gebafft,  
ech hu gefrupst mat Genoss,  
ech hu keen eenz'ge vun de Pla'en,  
erlaanscht gelooss,  
wourëms et sech gedréit:  
Lëtzebuenger Spezialitéit!

*Maja, 't gouf Baurenträipen,  
't gouf Liewerknidd'len, Kuddelfleck  
an och Gehäcks.  
Duerno, fir de Mo ze stäipen,  
en Huesenziwwi, Fierkelsjelli gouf zu fräcks.  
Duerno, gouf et Gaardebounen,  
Judd, Quetschentaart, gekachte Kéis  
a Bouneschlupp.  
Souguer gouf'n et Melounen, echt  
Kaffisbounen,  
an en Zoossisswupp.*

**2. Fréier bei de Ritter,  
op all Buerg an op jidder Schlass,  
do goufen et schéi Fester,  
't war nach eppes lass.  
Siwenanzwanzeg Platen  
vun dem beschte Fleesch, Poulet, Fësch,  
fir d'Ritter an hir Frae stoungen do um Dësch.  
An haten se d'Bäich puppsat,  
da gouf och nees Wupp derbäi gemaach.**

*Refrain*

3. Hautdesdaags sinn d'Leit erëm  
vun all dem ville Gefréiss.  
Keng Gromp'ren a keng Zoossiss,  
nueren Uebst, Geméis.  
De Blinddarm an de Bluttdrock hautdesdaags  
si blouss méi a Moud,  
den Dokter kënnt lech dann eenzock:  
"Du bass ze so'n bal dout!".  
Do gött et blouss ee Reméid:  
"Lëtzebuenger Spezialitéit".

*Duerfir, friesst Baurenträipen,  
Friesst Liewerkniddlen, Kuddelfleck an  
och Gehäcks. ..*

## E22. Musel-Liddchen

Text: Paul Sontag

Melodie: Paul Sontag

1. Hutt dir mol d'Flemm an dir gitt er net lass,  
da loosst de Kapp dach net hänken.  
Hutt Dir och Misär duerch Nopeschbeschass,  
an net méi wësst wat ufänken,  
da fuert op d'Musel a stréckt lech eng un,  
drénkt esou laang et lech schmaacht,  
well da sinn d'Suerge grad wéi wech geflunn,  
drénkt datt et nëmmen sou kraacht.

*Loosst mer nach e Pättchen drénken,  
op der schéiner Musel.*

*Kuckt wéi d'A sou feireg blénken,  
wa mir sinn am Dusel.*

*Bréngt ons léiwer gläich eng Fläsch,  
vun deem Allerbeschten.*

*Wat maache mir mat dem Geld an der Täsch,  
haut gi mir alles zum Beschten.*

*Wat maache mir mat dem Geld an der Täsch,  
haut gi mir alles zum Beschten.*



2. Hutt Dir dann d'Riicht schonn eng  
Grätzche verluer,  
an Dir fänkt haart un ze tozen.  
Macht lech näischt draus a fuert  
weider nach duer,  
besser dat wéi domm ze motzen.  
Haut gëtt gedronk bis keng Drëps  
méi am Faass,  
bis alles richtig am Schweess.  
Vive onse Greechen an hieft all Äert Glas,  
a sangt dëst Liddchen alt nees.

*Refrain*

## E23. Neen, déi Schnëss

Text: Poutty Stein

Melodie: Sterny-Courquin

1. Wat een am Liewen oftmools sou domm  
Gesichter fënnt,  
et freet een sech wouhier dach nur sou eppes  
Bléides kënnt.  
Mir ass dat scho passéiert, 'ch wor knapps an  
d'Welt getrollt,  
dunn hat ech vrun de Spigel mech par  
Hasard higestallt,  
a kaum hat ech mech dran erbléckt,  
du sot ech ganz erschreckt:

*Neen déi Schnëss, o Mamm o Kanner!  
Huet een scho méi een dommt  
Gesicht gesinn?  
Sou eng Schnëss, ass dach e Wonner!  
O Mamm o Mamm wat gëtt dat ginn.*

2. Gläich gouf verzielt am Stiedchen, ech wier  
e jonken Af,  
an alles koum ze kucke mech vu wäit  
a breet gelaf.

Si hu mat groussen Aen an d'Wéi eragestorcht,  
a soten, wa meng Mamm derbäi: "Wéi léif ass  
dach dee Borscht!"

Mee ech, ech hunn 't geholl an uecht,  
bei sech hunn s'all geduecht:

*Refrain*

3. Wéi ech koum an den Alter, ech kann  
et jo hei so'n,  
du wollt ech wéi déi aner Jongen och mol  
feiere go'n.

Ech hat gutt Intentiounen, ech wor net schei,  
net frech,

mee 'ch weess net, bei de Fraleit hat ech  
ëmmerzou nach Pech.

Well wann ech eent wollt halen un,  
huet hat gläich Kreesch gedunn:

*Refrain*

4. Datt d'Fraleit och sou uereg,  
dat huet mech al Verdross.  
Ech hu geholl a schwéi'rer Stonn  
e grousegen Entschloss.  
Ech maa'n't haut wéi déi aner,  
wat si so'n, kann ech och!  
Wien ëmmer mech nur eppes freet,  
de Refrain ass mäi Sproch.  
Also, wëlls du mech eppes fro'n,  
da muss ech dir gläich so'n:

*Refrain*

5. Och d'Fuesend, Jësses Kanner, wat een  
dach do erlieft,  
wéi een dach mat de Masken dann sou  
elle widder leeft.  
Gekleet a Seid a Spëtzen, déi feinste  
Strëmp à jour,  
si kucken dra, wéi wann se all a  
Lackeschong gebuer.  
Mee kaum datt d'Bokemaul gefall,  
riff alles schonns am Sall:

*Refrain*

6. Dat Saufen an dat Lompen, et ass dach  
wierklech schlëmm,  
et fënnt een sech do meeschtens mat de  
Schong am Bett erëm.  
De Kapp kann e kaum hiewen, eng Strass,  
o schrecklech Saach,  
eng ausgedréchent Mëschtekaul um  
waarme Summerdag.  
A kënnt e vrun de Spigel hin,  
wat muss een do gesinn:

*Refrain*

## E24. Tsuang

Weis: Colonel Bogey March (1914)

Text: Putty Stein/K.J.Alford

1. Tsuang, du aalt versoffent Schwäin  
Tsuang, du sténks no Branntewäin  
Tsuang, ech weess net, Tsuang  
Wéis du dat dreifs, dass du esou säifs!

Tsuang, du aalt versoffent Schwäin  
Tsuang, e Kar'li Branntewäin  
Tsuang, du hou'ren Tsuang  
Du kipps e jo ganz r`an an d'Panz!

Ëmmer am Damp, ëmmer am Stëbs,  
ëmmer zatzevoll  
Eng Drëpp gött op déi aner geholl  
Sief et en Zwir, sief et eng Grouss, puren Alkohol  
Schëtts du dir sou hannert de Knapp vum Coll!  
Bass du sat, bass du gewichst, kommen  
d'A gequoll  
Da gött nach an der Gaass getroll

Fouss op d'Panz, blo däin A, e Protokoll  
O Tsuang, So wéi dat ausgoe soll!

2. Tsuang, hunn ech dech endlech fonnt  
Tsuang, du stéits verlaafnen Hond  
Tsuang, du Ekel, Tsuang  
deen net verdéngt, datt d'Sonn fir hie schéngt

Tsuang, wéi ass et mat der Pai  
Tsuang, kuck nëmmen däi Gezei  
Tsuang, wou ass de Kullang  
deens du net mooss a jiddwer Strooss

Ouni so, unni Kraaft, keng Grätz Verstand  
säifs du dech ausser Rand a Band  
dobäi kann ech mech aarm onschëlleg Mod  
zu Doud krepéi'ren an dem hou're Stot.  
A wann da vun dem Soff deng Giisch entbrannt  
méchs du mir alt erëm e Kand  
't ass fir ze frecken unni ze zécken, hei 'lo  
op der Plaz  
Tsuang, mäi Jong, du bass e Vull fir d'Kaz!

3. Tsuang, du hues deng lescht geschluppt  
Tsuang, du hues fir d'lescht gehouscht  
Tsuang, ech schlön der rang flang  
de Präbbli op deng sabbleg Kopp

Tsuang, lo läis d'an denger Lued  
Tsuang, 't ass wierklech batter Schued  
Tsuang, o aarmen Tsuang  
Du gees 'lo of, 't ass aus mam Soff!

Nimools méi, guer keng Grätz, keng eenzeg  
Drépps netzt je nach deng erkaalte Lëps  
a während's du do hann'n am Däischtrentapps  
drénke mir hei weider Schnaps op Schnaps.  
Keemol méi lalls du nach mat séilgem Hick  
verlooss steet do deng Fläsch mam Schnick  
a wanns du ouni Goût Ambrosia säifs  
frecks d'all Dag op en Neis a lieu'ges Leifs

4. Tsuang, du aalt versoffent Schwäin  
Tsuang, 'lo läis d'an dengem Schräin  
Tsuang, avoir mäin Tsuang  
Du gees elo of, 't ass aus mam Soff!



Tsuang, dens du am Himmel bass  
Tsuang, ech stëften dir eng Mass  
Tsuang, o hellgen Tsuang  
ech si geplot, schenk mir deng Gnod!

'T ass jo eng Sënn, 't ass jo eng Schan, ech  
verlompe ganz  
hei am versoffne Rousekranz  
mäi latzgen Duuscht, de sau're Mëssewäin  
verhonze mir mäin Hellgeschäin  
't bleibt mir soss näischt, als leschten  
Trouscht dech unzelehn  
huel mir déi éiweg aus dem Been  
soss kritt zulescht mat menger voller Panz  
de Beelzebiibbche mech mam Schwanz!

## E25. Un der Atert

schottesch Weis

1. Un der Atert, no beim Waasser,  
wou déi grousege Pëppele stinn,  
wunnt de Bauer Péitche Lauer,  
a säi Meedchen d'Josefin.

*O meng Modi, wat e Stodi,  
voller Zodi Josefin,  
ech gesinn dech nach e wéineg,  
an da ginn ech Josefin.*

2. Hie war ëmpege, hatt war dëmpege,  
sou eng Nuddeldampmaschinn.  
Hien hat néng an sengen Händchen,  
duerfir zéng hat d'Josefin.

*Refrain*

3. Eemol gong et, eemol stong et,  
bei der Baach eist Josefin.

An du rëtscht et, an du glëtscht et,  
flipp an d'Baach eist Josefin.

*Refrain*

4. T'huet getuddelt, t'huet gespruddelt,  
an der Baach eist Josefin.  
Well ech awer d'Waasser scheien,  
looss'n ech leien, d'Josefin.

*Refrain*

## E26. Wéi meng Mamm nach huet gesponnen

Text: Michel Lentz

Melodie: Edmond Lentz

1. Wéi meng Mamm nach huet gesponnen,  
an ech bei dem Riedche souz,  
dunn hu lauter séileg Stonnen,  
freet mer bruecht an hirem Schouss.

A wéi schéin déi golden Dreem,  
an der Kannerzäit doheem.

*Wéi meng Mamm nach huet  
gespo-ooo-oo-onnen.*

2. Wéi meng Mamm nach huet gesponnen,  
wat hat ech dunn d'Mënsche gär,  
ech hu net verstoe konnten,  
datt ee Béisen drënner wier.  
Voll Vertraue wor mäin Häerz,  
wusst näischt vun Tréin a Schmäerz.

*Refrain*

3. Zënter ass meng Mamm gesponnen,  
an um Späicher d'Riedche steet,  
si meng golden Dreem verschwonnen,  
an ech weess vun Tréin a Leed.  
Gott, wann ech nach eemol séiz,  
beim Riedche hiren zu Féiss.

*Refrain*

## E27. Zu Arel op der Knippchen

1. Zu Arel op der Kippchen,  
do sinn déi Weiber frou.  
Si huelen gär eng Schlippchen,  
eng drénkt der aner zou.  
Bereléng, léng, tirelireléng,  
bereléng, léng, tirelireléng,  
eng drénkt der aner zou,  
eng drénkt der aner zou.

2. Et souzen dräi Gevuedeschén,  
am Wiertshaus bis an d'Nuecht.  
Mat hierem Parlatinchen,  
an dronk'n eng Mooss er uecht.  
Bereléng, léng, tirelireléng,  
bereléng, léng, tirelireléng,  
an dronk'n eng Mooss er uecht,  
an dronk'n eng Mooss er uecht.

3. Déi eng hellt hire Mantel,  
a schläicht verbuergen heem.  
Si geet en d'Bett sech leeën,  
klot iwwer Aarm a Been.

Bereléng, léng, tirelireléng,  
bereléng, léng, tirelireléng,  
klot iwwer Aarm a Been,  
klot iwwer Aarm a Been.

4. A wéi de Mann erëmkoum,  
freet hien: „Wou ass mäi Weib?“  
„Si läit am Bett do uewen,  
huet wéi an enger Träip.“  
Bereléng, léng, tirelireléng,  
bereléng, léng, tirelireléng,  
huet wéi an enger Träip,  
huet wéi an enger Träip.

5. De Mann, dee rennt op d’Kummer,  
setzt sech bei d’Bett op d’Bänk.  
„O du meng arem Fräichen,  
wat feelt der, bass de krank?“  
Bereléng, léng, tirelireléng,  
bereléng, léng, tirelireléng,  
wat feelt der, bass de krank,  
wat feelt der, bass de krank.

6. „Ech hunn deréinscht ganz warem,  
vum kale Bur gedronk.  
Hätt ech eng Schlippchen, Alen,  
wär ech erëm um Spronk!“  
Bereléng, léng, tireliréleng,  
bereléng, léng, tireliréleng,  
wär ech erëm um Spronk,  
wär ech erëm um Spronk.

7. Gläich ass de Mann bekëmmert:  
„Hei Mod, schwenk du e Glas!  
An huel déi zenne Kännchen,  
an zap vum beschte Faass!“  
Bereléng, léng, tireliréleng,  
bereléng, léng, tireliréleng,  
an zap vum beschte Faass,  
an zap vum beschte Faass.

8. „Setz alles bei dat Feier,  
a maach et gliddeg heess!  
Donk Zocker dran a Geimer,  
da kënt se an de Schweess!“  
Bereléng, léng, tireliréleng,  
bereléng, léng, tireliréleng,

da kënnt se an de Schweess,  
da kënnt se an de Schweess.

9. Wéi si de Wäi gedronken,  
dréit si sech ëm a laacht:  
„Esou kann een déi Männer,  
beduxen, datt et kraacht!“  
Bereléng, léng, tireliréléng,  
bereléng, léng, tireliréléng,  
beduxen, datt et kraacht,  
beduxen, datt et kraacht.

10. Hien hätt dat solle wëssen,  
hien hätt geholl e Schäit,  
fir d’Rëpper hir ze schmieren,  
et wor déi héchsten Zäit!  
Bereléng, léng, tireliréléng,  
bereléng, léng, tireliréléng,  
et wor déi héchsten Zäit,  
et wor déi héchsten Zäit.



## E28. Zwou Bulle Mokka

Text: Fausti

1. Dag fir Dag déi selwecht Leier,  
keen Driff méi a kee Feier,  
ronderëm alles Fad a blatzeg,  
fille mech heiheem sou latzeg.  
Eemol d'Joer hunn ech näischt léiwer,  
wéi sou een Tropeféiwer.  
A fir mäin Häerz da klappen ze dongen,  
zéien ech mir d'Sonn mol op d'Longen,  
waat ass d'Liewen dach sou séiss.

*Zwou Bulle Mokka,  
zwou sou séiss ewéi Zocka,  
zwou Bulle Mokka,  
do fällt de bal vum Hocka,  
zwou Bulle Mokka,  
zwou Bulle maan dech frouuuu,  
well et sinn der zwou esou.*

2. Nuechte gliddeg waarm wéi Lava,  
eemerweis Piña Colada,

Rumba, Bolero a Mambo,  
all owes stinn ech stramm do.  
Well Nuets hunn ech näischt léiwer,  
wéi sou een Tropeféiwer.  
A wann ech mäi Bols da fillen,  
brauch ech eppes fir ze killen,  
si ass grouss meng feireg Glous.

*Refrain*

3. Nuets hunn ech näischt léiwer,  
wéi sou een Tropeféiwer.  
Well no deem zéngten Tequila,  
fillen ech mech ewéi ee Gorilla,  
deen Tropesaaft dee gött mer Kraaft.

*Refrain*

## E29. Am klenge Bistro

Text: Colette a Fernand

Melodie: Pierre Kartner (Vader Abraham)

Den Owend senkt sech iwwer d'Gaase vum  
Faubourg an d'Kanner, déi mussen eran.  
Virum klenge Buttek botzt d'Fra hiren Trottoir,  
de Mann dee schleeft d'Uebstkëschten an.  
Den Dag ass eriwwer, all Mënsch ass doudmidd,  
awer meeschtens ginn si net gläich heem,  
well hannen um Eck vun der Gaass an dem Café,  
do huelen se ëmmer nach een.

*Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,  
wou fir ons d'Liewe nach lieuwenswäert ass,  
am klenge Bistro bei ons an der Gässel,  
do fret dech keen wats de hues oder bass.*

Beim Comptoir hänkt d'Mauer voll Kaarte vu  
Frënn mat Bonjouren a Vakanzendreem,  
Gespréich duerchenaner, eng Stëmm aus der  
Jukbox, all dat ass e Stéck vun doheem,  
Du wërfs 5 Frang an e Spillautomat a kucks

aneren beim Kaartespill zou,  
du stees da bei dem Comptoir mam Patt an der  
Hand an du bass dobäi glécklech a frou.

*Refrain*

Et gött diskutéiert vum Sport, vun der Aarbecht,  
vum Fridde, vum Krich a vum Geld,  
beim Schnapps a beim Béier fénnt jiddereen  
d'Léisung fir d'Problemer all vun der Welt.  
Eng Zoossisseschmier gött et och hei beim Wiert,  
all dat Schwätze mécht hong'reg a midd,  
deng Rechnung déi steet op dem Béierdeckel  
drop, awer hei huet dach all Mënsch Kredit.

*Refrain*

## E30. An Amerika

Text: Michel Lentz

Melodie: Edmond Lentz

1. Vu mengem Dueref goug ech hier,  
Dat fräsch am Gréngé läit  
Dohannen iw'rem grouse Mier  
Sou wäit vu mir, sou wäit;  
Do steet en aremt klinzegt Haus,  
Eng Bänk virun der Dir,  
Do breet eng Lann hir Blieder aus,  
mécht kille Schied derfir :

*Wéi hunn ech d'Hierz sou wéi!  
Gett mir mäin Dach vu Stréi  
A mengem Duerf erëm,  
Ech géif iech alles drëm!*

2. Vu menger Mamm fort goug ech hier;  
Dee gudden Engel do,  
Mat hirem Hierz geet iwwer d'Mier  
Si iwwerall mir no;  
Op onser Bänk virun der Dir

hu mir sou oft gesiess,  
A koum ons d'Liewen däischter fir,  
mir hunn et do vergiess:

*Refrain*

3. Vun hinnen zwee fort gOUNG ech hier,  
Hunn néierens keng Rou;  
An zënter zwëschen ons dat Mier,  
Ginn ech och net méi frou;  
Kénnt op der Bänk virun der Dir  
Ech sëtzen eng Minutt  
Bei hinnen zwee, da wär et mir  
op dëser Welt rëm gutt !

*Refrain*

## E31. D'Fëscher an Jeeër

Text: Edmond de la Fontaine (Dicks)

Melodie: Edmond de la Fontaine (Dicks)

*D'Fëscher an d'Jeeër si Plättelefeeër,  
Tralala, lalala, lalala, la  
D'Fëscher an d'Jeeër si Plättelefeeër,  
Tralala, lalala, lalala, la  
Si hunn dréche Longen, 't sinn duuschtereg  
Jongen,  
Si hunn dréche Longen, 't sinn duuschtereg  
Jongen,  
D'Fëscher an d'Jeeër si Plättelefeeër  
Tralala, lalala, lalala, la*

**1. De Jeeër, deen huet vill auszesto'n,  
de Jeeër, dee muss vill verdro'n,  
Dach eppes dat verdréit hien net,  
t'ass wann et näischt ze saufen gött!  
Wéi oft war him bal d'Häerz vermuuscht,  
aus iwwerschwängelechem Duuscht!**

*Refrain*

2. Am Jeeër, do ass gewëss gutt Stofft  
mä näischt ziert méi ewéi frësch Loft  
Wann dir allzäit dobausse sinn  
da kritt hien gudden Appetit!  
Hunn ech e ganzen Dag gejet  
da brauch ech keng Zalot beim Brot!

*Refrain*

## E32. D'Hämelmaous

Volléksweis

Text: Jos Speck

Joer: 1884

O Hämelmaous wi léwst daou dach  
esu ongeschor'n ëm d'Hool.  
Wäs näist voa Koapgeld a voa Steieren.  
Liss d'Scheepchen, Fläsch an Tubak  
sech verdeieren,  
Wäas näist foan éiser Polizei.



T'säif Rén, t'säif Schni, t'säif Dag, t'säif Noacht,  
Dat ass dir alles Worscht,  
Daou gääs am Summer wi am Wanter,  
Esu ganz pommadisch oni Lanter,  
Spaze'eren mat dem Hämmelsgoad.

A wann d'Stadhäieren is obleen  
Esu schrecklech vill Prozent  
A mir da laang Gesichter maachen  
Daou réifs daou: „Deih dir mir den Aachen  
Mir gät et besser a mein Taak“!

A wann s'am Spidol sich d'Keep zerploon:  
„Wat maache mat dem ville Geld?“  
Dann dénks daou: O dir hoareg Häieren  
loost emol is Hämelmais gewäieren  
Wat gëllt, eier Dubbele kréie Bäin !“

A schweetze mir vill voa Kroom a Fabrék  
Da réifs daou aous em frummen Taak:  
„Wëllt dir is Echternocher léieren  
Wat hei voa Fabrék sich ka rentéieren  
Da frogt emol d'Häieren aous dem Nast.

A weeren Staadtquisl'n noach esu verbroad  
Daou bréichs si schunns an d'Rei!  
Daou gifs sie e feinen Dänzchen léieren  
A gratis och nach Anstand an Manéieren  
Esu gout wi de Gehaanes voan der Saar .

Wuhin esu hurtig daou Hämelmaous,  
äich geséin, daou bas bewaacht,  
hoas daou daan e Verbreeche begaangen,  
datt mer däich fort féiert mat Gendaarmen?  
Daou woars dach kääs esu schlecht!

A waat hoan si da begaangen,  
di schrecklech Hämelmais?  
Si sain aous dem Taak eraous gesprongen,  
a si hoan e Léidchen gesongen, –  
dat as d'ganz schrecklich Moritat.

Daou bass dach noach net esu veroacht,  
durch däi Geschirps an der Noacht,  
well daou gëss voan éise Biirger wormgehalen,  
a jidderä listt sich och e Witz voan dir gefallen,  
aus lauter Lost zum Carneval.

Voan Näid a Sträit, Verdross a Läd  
Dovoa wesse mir kä Fatz  
Këmm'ren is net em d'Politiséieren  
Doun is ganz häerzlich amuséieren  
A roufen: „Vive d'Stad Echternoach!“

### E33. D'Hechtecher aus der Stad

Weis: Sous les ponts de Paris ( Vincent Scotto)

Text: Louis Petit

1. Huet d'Auer owes sechs geschlon da gött am  
Buttek Freed.

Da gött den Hittchen opgedon a fort op heem  
et geet.

Nach eemol d'Groussgaas op an of dat ka kee  
Mënsch hinne verwieren.

Well do ginn all déi op an of di d'Meedercher  
hunn esou gieren.

*D'Hechtercher aus der Stad, tip top eraus  
gemaach.*

*Hunn si d'Schoulbicher nach ënnert dem Aarm,  
Da ginn si do sichen, hunn d'Hierzer waarm.  
Vill schéi verspriche man, a blänzle mat den Aen.  
Sou huet di Zort et nach ëmmer gemaach,  
D'Hechtercher aus der Stad.*

**2. So Marie kuck emol de Pier wat ass hie  
flott gekleet.**

**D'sollt een net so'n dat hien et wier wann hien  
esou do geet.**

**En Houfert huet e wéi e Fräsch e Marsch wéi e  
preisesche Pränz.**

